N°491
Entrée le 19.03.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 19.03.2024
Chambre des Députés

**Här Claude Wiseler**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 18. Mäerz 2024

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Mobilitéitsministesch weiderzeleeden.

An enger Pressekonferenz vum 13. September 2023, huet de viregte Mobilitéitsminister de 6 Buergermeeschteren aus de Gemenge Suessem, Esch, Monnerech, Schëffleng, Leideleng an der Stad Lëtzebuerg d'Chronologie fir de séieren Tram Direktioun Esch presentéiert. Dëse soll ab 2028 tëscht der Cloche d'Or a Leideleng, ab 2030 bis op Féiz, 2032 op Metzeschmelz an 2035 bis op Belval fueren.

An engem rezenten Interview an enger Dageszeitung zum séieren Tram huet d'Madamm Ministesch gezielt, datt si et begréisse géif wann d'Aarbechten un der Schnellstreck vun der Cloche d'Or iwwert Leideleng Richtung Esch nach an dëser Legislaturperiod ufänke kéinten. Als Reaktioun op dës Ausso, huet de Buergermeeschter vu Leideleng sech iwwerrascht gewisen an deemno contestéiert datt den initialen Zäitplang vum Projet agehale wäert ginn. Als eventuell Grënn goufen d'finanziell Lag vum Staat an d'Kierzung vu finanziellen Investitioune genannt.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch follgend Fro stellen:

- **Wäert den initialen Zäitplang vum Bau vum séieren Tram Richtung Leideleng fir 2028 agehale ginn?**
  - **Falls nee, wat sinn d'Grënn firwat de Projet net zäitgeméiss ëmgesat wäert ginn?**

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

M. Sehovic

**Meris SEHOVIC**
Députéiert

N°491
Entrée le 19.04.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madame Yuriko Backes, Ministerin fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n° 491 vum honorablen Deputéierten Meris Sehovic betreffend den Zäitplang vum Bau vum séieren Tram**

Den Zäitplang fir d'Extensioun vum Tram a Richtung Esch, den am September lescht Joer virgestallt gouf, ass onverännert. Di éischt Phas vun den Ëmweltprozeduren ass schonn am gaang.

Niewent den internen Etuden di Luxtram mécht, sinn d'Etudë fir een APS (Avant projet sommaire) an APD (Avant projet détaillé) bis op Leideleng, respektiv Féiz aktuell an der Ausschreiwung. Ob Basis vun deene Resultater kann dann e projet de loi de financement ausgeschafft ginn.

Dëse projet de loi géif ech gären d'nächst Joer an d'Prozedur gi fir d'Streck Cloche d'Or bis op Leideleng. Nom Vote vum Gesetz, kéint dann och mam Akaf vun den néidegen Terrain'e ugefaange ginn.

Den 19. Abrëll ginn déi 6 concernéiert Gemengen am Kader vun engem Comité politique doriwwer informéiert wou d'Etuden op der ganzer geplangter Streck am Detail dru sinn.

Lëtzebuerg, den 18. Abrëll 2024

D'Ministerin fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes